Piraten

Eisen Europa-Wal-programm a liichter Sprooch

Walen an der EU

D'EU ass eng Gemeinschaft vun 27 Länner.

Lëtzebuerg ass an der EU.

EU ass eng Ofkierzung fir: Europäesch Unioun.

Den 9. Juni 2024 sinn an der EU Walen.

Do kann ee wielen, wéi eng Partei een am beschte fënnt.

D'Pirate sinn eng politesch Partei.

Eng politesch Partei ass eng Grupp vu Leit mat Iddie fir nei Gesetzer.

Eis Partei gëtt "Piratepartei" oder "Piraten" genannt.

D'Pirate wëlle villes an der EU verbesseren.

An dësem Text steet, wat d'Pirate verbessere wëllen an Europa.

Dësen Text nennt een och Wal-programm.

D'Pirate wëlle gären, bei der EU-Wal gewielt ginn.

Dann kéinte si hëllefen déi Saachen aus dësem Text ze verbesseren.

Méi Mat-bestëmmung

Mat-bestëmmung heescht, dass d'Leit méi an der Politik mat-maache kënnen.

D'Pirate fanne méi Mat-bestëmmung wichteg.

Bei Entscheedungen iwwer nei Gesetzer sollen d'Leit mat-schwätze kënnen.

Dofir wëllen d'Piraten, dass d'Leit méi oft no hirer Meenung gefrot ginn.

D'Politik soll méi op d'Leit lauschteren.

Néi Léisungen

Et gi vill Problemer an der EU.

D'Pirate wëllen nei Léisungen fir déi Problemer.

Hierstellung

Verschidde Saachen kommen net aus der EU.

Si kommen aus Länner, déi net am Grupp vun der EU sinn.

Dat kann e Problem sinn.

Well heiansdo ginn déi Länner eis näicht méi.

Da feelen eis Saachen oder si ginn ganz déier.

Dofir wëllen d'Piraten, dass d'EU vill méi Saachen selwer mécht.

Stroum

Et ass och e Problem, wann de Stroum déier ass.

D'Pirate wëllen, dass d'EU vill Stroum selwer mécht an en net déier ass.

Et kann ee Stroum op verschidden Arte maachen.

Et kann ee Stroum mat Kuel an Atom-kraft-wierker maachen.

Dat mécht vill Knascht. Dat wëllen d'Piraten net.

Et kann een och Stroum maachen mat Waasser, Wand an der Sonn.

Dat fannen d'Pirate gutt.

Elektro-autoen

Elektro-autoen maachen manner Knascht wéi aner Autoen.

Dat fannen d'Pirate gutt.

D'Batterien vun den Elektro-autoen machen awer nach ze vill Knascht.

Dat ass e weidere Problem.

Dat wëllen d'Pirate verbesseren.

Patenter

Ideeë solle kengem gehéieren.

Wann zum Beispill een eng gutt Idee hat fir e Medikament, soll jiddereen dat Medikament maachen kënnen.

Anescht kréie mir manner Medikamenter.

Dat ass e Problem.

Steieren

Vill Leit musse Steiere bezuelen.
Dat heescht, dass si en Deel vun de Suen, déi si verdéngen, dem Staat ginn.

Net iwwerall sinn d'Steieren gläich a fair.

Dat wëllen d'Pirate verbesseren.

Weltraum

Et ginn Leit, déi u Sachen fir de Weltraum schaffen.

Si schaffen zum Beispill u Satelitten oder Rakéiten.

D'Pirate wëllen, dass d'EU kloer Reegele kritt fir de Weltraum.

Déieren a Baueren

Baueren halen Déieren a planzen Uebst a Geméis.

Wien d'Déieren an d'Ëmwelt gutt behandlet soll dofir extra Suen kréien.

Wirtschaft a Gesellschaft

D'Piraten wëllen eng fair Wirtschafts-politik.
Jidderee soll genuch Suen hunn, fir gutt ze liewen.
Jidderee soll genuch Suen hunn, fir ze wunnen.
Och aal Leit solle genuch Suen hunn.

Am Moment hunn al Leit net ëmmer genuch Suen.

Méi Fräiheet

D’Pirate wëllen, dass d’Leit a Fräiheet liewen.

Jidderee soll selwer entscheede kënnen, wéi e liewt.

Matmaachen

Jidderee soll gläich behandelt ginn.

Leit mat engem Handicap sollen iwwerall mat-maachen dierfen.

Leit aus engem anere Land sollen iwwerall mat-maachen dierfen.

Keen aus-schléissen

Et soll net wichteg sinn, wéi ee Geschlecht een huet.

Et soll net wichteg sinn, ob e Mann e Mann gär huet, oder eng Fra eng Fra.

D’Pirate wëllen dass jiddereen an Europa dierf fräi seng Sexualitéit liewen.

Dat ass net an all Land esou.

Leit, déi an hirem Land dowéinst ugregraff ginn, sollen dierfen op Lëtzebuerg kommen.

Fräi schwätzen an denken

Et soll een fräi soen dierfen, wat een denkt.

D’Zeitungen solle fräi schreiwe kënnen, wat si wëllen.

Keng Iwwerwaachung

Et soll een net iwwerwaacht ginn.

Och am Internet soll een net iwwer-waacht ginn.

Jidderee soll den Internet benotze kënnen.

Sécherheet garantéieren

Extrem-Parteien

An der Politik kann een tëscht “riets” a “lenks” ënnerscheeden.

Riets-Parteien wëllen, dass alles esou bléift, wéi et ass.

Oder, dass et nees esou gëtt, wéi et war.

Lénks-Parteien wëllen, dass et anescht gëtt.

Extrem-riets oder extrem-lenks Parteien, zwéngen de Leit hier Iddien op.

Dat wëllen d’Piraten net.

D’Pirate wëllen eng EU ouni Extrem-Parteien.

Police

An der EU sollen d’Policen aus de verschiddene Länner gutt zesumme schaffen.

Wien Kanner oder Erwuessene wéi deet, soll séier vun der Police fonnt ginn.

Terroriste solle séier fonnt ginn.

Verbuede Waffen solle séier fonnt ginn.

Drogen

Leit déi Drogen huele kënne süchteg ginn.

Dës Leit si krank.

D'Pirate wëllen deene kranke Leit hëllefen.

Dës Leit sollen net méi wéinst hirer Krank-heet agespaart ginn.

D'Pirate wëllen, dass d'Police net méi déi bestrooft, déi Cannabis fëmmen.

D'Police soll just déi verhaften, déi Droge verkafen.

Spionage

Et gi Computer-Programmer fir Leit aus-ze-

spionéieren.

Kee soll fir esou Programmer Suen vun der EU kréien.

Computer-Programmer an den Internet solle sécher gemaach ginn.

Mënschen op der Flucht

All Mënsch op dëser Welt huet Rechter.

D'Pirate wëllen, dass déi Rechter respektéiert ginn.

Leit musse wéinst Kricher aus hire Länner flüchten.

Wann se an d'EU flüchten, ginn se hei a Gebaier ënner-bruecht.

D'Pirate wëllen, dass déi Leit an der ganzer EU gutt behandelt ginn.

Kee soll hinne wéi doen.

Si sollen och dierfen an der EU schaffen.

Well mat hirer Aarbescht kënne si der EU hëllefen.

Krich

D’EU soll eng gemeinsam Arméi kréien fir de Fridden.

D’Pirate wëllen den Ukrainer hëllefen sech géint Russland ze wieren.

Well d’Land Russland huet d’Land Ukrain an engem Krich ugegraff.

Och Israel a Palästina sinn am Krich.

Israel a Palästina sollen zwee eenzel Staate ginn.

Sécher-heet op der Strooss

Op de Stroossen kënnen Accidenter geschéien.

D’Strosse solle sécher sinn durch besser Technik.

Fir all Autoen sollen déi selwescht Reegele gëllen an der EU.

Ëmwelt, Klima an Natur schützen

Klima

Op eisem Planéit gëtt et ëmmer méi warm.

Dat nennt een Äerd-erwärmung.

D'Äerd-erwärmung soll op 1,5 Grad begrenzt ginn.

Dat hunn vill Länner sech mam Paräisser Klima-Accord zum Zil gesat.

Dat Zil soll ereecht ginn.

Dofir sollen d'Leit belount ginn, wann si gutt Saachen fir d'Klima maachen.

An dofir sollen och modern Technologien benotzt ginn.

Atom-kraaft

Atom-kraft-wierker produzéiere Stroum.

Mee si maachen och Knascht.

Dee Knascht kann Mënschen an Déieren krank maachen.

D'Piraten wëllen dofir keen Atom-Stroum.

Schutz vun Déieren a Planzen

Vill Déieren a Planzen stierwen aus.

Et ginn si dann net méi op der Äerd.

Dat wëllen d'Piraten verhënneren.

D'Natur soll geschützt ginn.

D'EU soll iwwerall déi selwescht stréng Reegelen fir den Ëmwelt-Schutz hunn.

Jidderee soll Informatiounen an Daten iwwert d'Natur séier kënne fannen.

Verschmotzung

D’Mensche maache vill Knascht.

D’Pirate wëllen, dass manner Knascht gemach gëtt.

Wien Knascht mécht, soll dofir Suen bezuelen.

Et soll manner Plastik benotzt ginn.

Et soll manner Iessen an d’Poubelle geheit ginn.

Kleeder sollen laang benotzt ginn.

Och am Welt-raum dierf net weider Knascht gemaach ginn.

Gesond Iessen

Jidderee soll gutt Iess-saachen kafe kënnen.

Iessen ouni Gëft-stoffer soll méi bëlleg sinn.

Verschidden Aarbechter stellen Iessen hier.

Iessen vun Aarbechter, déi gutt behandelt ginn, soll méi bëlleg sinn.

D’Leit sollen op der Verpackung vill Informatiounen iwwert d’Iessen kréien.

Dat kéint een och digital maache mat engem Code fir den Handy.

Et kann een Liewens-mëttel genetesch veränneren.

Dann ännert een eppes an hiren Zellen.

D’Zellen sinn d’Bau-steng aus deenen si bestinn.

Esou Liewens-mëttel sollen extra markéiert ginn.

Insgesamt sollen Liewens-mëttel besser markéiert ginn.

D’EU soll dofir streng Krittären fir Label hunn.

E Label ass e Symbol.

Esou ee Symbol seet, ob e Liewens-mëttel gutt ass.

Déiereschutz stärken

Déiere sinn de Pirate wichteg.

Déiere musse gutt behandelt ginn.

Net all Mënsch behandelt Déiere gutt.

D’Pirate wëlle streng Strofen, wann e Mënsch Déiere schlecht behandelt.

Pelz

Vill Déieren hunn e Pelz.

Doraus ginn heiansdo Kleeder gemaach.

Déiere ginn dofir dout gemaach.

Dat fannen d’Piraten net gutt.

D’Piraten si géint de Verkaf vu Pelz.

Juegd

Op verschidden Déieren ka Juegd gemaach ginn.

D’Juegd soll d’Déieren an d’Natur net onnéideg stéieren.

Dofir wëllen d’Piraten keng Klapp-Juegten an der EU.

Klapp-Juegten stressen d’Déieren ganz vill.

Och déi Déieren, déi net gejot ginn.

An et ginn och vill Planzen dobäi futti.

Dat ass net gutt.

An der EU sollen iwwerall déi selwescht stréng Reegelen fir d'Juegd gëllen.

Déieren um Baueren-haff

Verschidden Déieren iesse mir.

Si ginn op Bauen-häff gehalen an dann geschluecht.

Heiansdo ginn vill ze vill Déieren op engem Haff gehalen.

D'Déieren kënnen sech dann net beweegen.

A si ginn séier krank a mussen dofir Medikamenter kréien.

Dat wëllen d'Piraten net.

Wann Déiere geschluecht ginn, solle si net wéi hunn.

D'EU soll dat kontrolléieren.

Déiere sollen net wäit transportéiert ginn.

An engem Camion ass et enk a si fäerten.

D'EU soll hei méi streng Reegele maachen.

Déieren verkafen

Et ginn Leit, déi verkafen Deieren.

Dat sinn Ziichter.

D'Pirate wëlle Reegelen fir Ziichter an der EU.

Et soll net just ëm d'Suen goen beim Verkaf vun Déieren.

Fir dass et den Déieren gutt geet.

Déiereshows

Et gi Shows mat Déieren.

Esou Shows maachen den Déieren Angscht.

Dofir solle si verbuede sinn.

Déieren am Zirkus oder Definarium solle verbuede sinn.

Déieren am Zoo solle gutt gehale ginn.

Den Zoo soll net no de Suen kucken, mee no den Déieren.

Haus-déieren

Och Haus-déiere solle besser geschützt ginn.

Wien sengem Déier wéi deet soll méi streng bestrooft ginn.

Haus-déiere kënnen en Chip kréien.

Den Chip ass ënnert der Haut vum Déier.

Um Chip sinn Informatiounen iwwert d'Déier.

D'Piraten wëllen, dass ëmmer och Informatiounen vum Besëtzer op den Chip kommen.

Esou kann een d'Bësetzer an d'Déieren erëmfannen, wann eppes geschitt.

Déieren an der Wëssen-schaft

Heiansdo ginn Tester un Déieren gemaach fir d'Wëssen-schaft.

Dat deet den Déiere wéi a mécht hinnen Angscht.

Dat soll manner gemaach ginn.

An der EU solle méi aner Tester gemaach ginn ouni Déieren.

Fëscherei

Mir fänken ze vill Fësch aus dem Mier.

Et ginn net méi genuch Fësch am Mier.

Dofir ginn et scho Plazen, wou net méi gefëscht dierf ginn.

D'EU soll besser kontrolléieren, dass hei kee fëscht.

Fësch kann och geziicht ginn.

Da kënnt en net aus dem Mier.

Am Mier bleift da genuch Fësch fir d'Déieren fir ze iessen.

Esou Fësch soll méi bëlleg kënne verkaf ginn.

Awer just wann en och lokal a biologesch ass.

Dat heescht, de Fësch krut keng Medikamenter.

An de Fësch ass och net wäit transportéiert ginn.

Gutt wunnen a gutt Liewen an der EU

Europäesche Pass

All Land an der EU huet en eegene Pass fir seng Leit.

Zousätzlech soll jiddereen en EU-Pass kréien.

Domat kéint een nach méi einfach reesen.

A jiddereen géif sech méi als Deel vun der EU fillen.

Plënneren

Jidderee soll an der EU einfach plënnere kënnen.

Dofir brauchen mir an der EU nach méi gemeinsam Reegelen fir:

- Schoul-diplomer
- Pensiounen
- Versécherungen
- Autos-pabeieren
- an aner Saachen

Gesondheet

Wann ee krank ass, soll ee gutt versuergt ginn an der EU.

Egal op ee Suen huet oder net.

Dofir wëllen mir eng “Health Unioun”.

Do schafft d’EU zesummen, fir jidderee gutt ze versuergen.

Et soll een genuch Medikamenter kréien.

Schwanger Fraen a Kanner sollen gutt ënner-sicht ginn.

Et kann engem Mënsch schlecht goen, wann säin Kierper wéi deet.

Et kann engem Mënsch och schlecht goen, wann en ëmmer traureg ass oder ëmmer Angscht huet.

Dann seet een, dass et deem Mënsch “mental” net gutt geet.

D’Pirate wëllen, dass d’Leit besser gehollef kréien, wann et hinne mental net gutt geet.

Heiansdo schaffen Doktere schlecht.

Da solle si a kengem Land vun der EU méi schaffen dierfen.

Dat muss och kontrolléiert ginn.

D'Kranke-Ver-sécher-ungen aus de Länner vun der EU musse besser zesumme schaffen.

Mobilitéit

Jidderee soll kënnen mam Bus, Zuch oder Tram fueren an der EU.

Si sollen d'Leit séier dohin bréngen, wou se hi wëllen.

Och an der Nuecht solle méi Zich fir laang Strécke fueren.
Leit mat Handicap sollen ouni Problem mat-fuere kënnen.

Et soll nach méi einfach ginn en Elekto-auto an der EU ze hunn.

Fir esou Autoen ze lueden, brauch een oft eng Kaart.

Déi Kart soll an der ganzer EU d'selwecht sinn.

Lued-statiounen fir Elektro-autoen sollen och fir Persoune mat Handicap zou-gänglech sinn.

Et soll gepréift ginn op een eng EU-Vignette maachen kéint.

Eng Vignette ass en Ticket fir d'Benotze vun de Stroossen.

Verschidde Länner hunn dat an der EU.

Mee all Land huet en aner System.

Dat ass net iwwersichtlech.

En EU-System kéint dat verbesseren.

Autoe sinn nëtzlech, mee verschmotzen och d'Loft.

D’Leit solle gesot kréien, wéi vill Dreck hiren Auto mécht.

D’Zuelen iwwert den Dreck sollen net manipuléiert dierfe ginn.

WiFi

Computer, Handy-en an den Internet ginn ëmmer méi benotzt.

D’Pirate wëllen, dass jiddereen gudden Internet huet.

Op ëffentleche Plazen soll een gratis an den Internet komme kënnen.

Ëffentlech Plaze sinn z.B. e Park, eng Gare oder eng Fouss-gänger-zone.

Et sinn Plazen, wou vill Leit fräi hi kënne goen.

Jugend-programm

D’Pirate wëllen ee “Youth Programm” fir d’EU.

Dat ass e Programm fir Jonker ënner 30 Joer.

Jonker solle kënne gratis u Projeten aus anere Länner vun der EU deelhuelen.

D’Projeten sollen mindestens 4 Wochen daueren.

Esou sollen déi Jonk aus der EU sech kenneléieren.

Dat ass gutt fir d’Zesummen-aarbecht an de Fridden an der EU.

Grouss-regioun

D’Grouss-regioun dat si Lëtzebuerg, d’Saar-land, Rhein-land-Pfalz, Lout-rengen an d’Wallonie.

Déi 5 Regioune schaffen heiansdo zesummen.

D’Pirate wëllen, dass si méi zesumme schaffen.

Esou kéinte si besser Reegelen festleeën.

Dann kéinten d’Leit z.B. méi einfach schaffen a misste manner Steiere bezuelen.

Si hätten och nach méi e séieren Zou-gang zu Dokteren a Spideeler.

D’Leit kéinte méi vun der Kultur profitéieren aus der Grouss-regioun.

An d’Police kéinte besser schaffen.